

Esou steet et elo am Gesetz an et därëf ee sech awer hei kengen Illusiounen higninn, well e gudden Deel vun deene Leit, déi wëllen d'Lëtzebuergesch Nationalitéit kréien, d'Hoffnung hu fir an d'Fonction publique kennen anzetrieden. A wann een higeet an de Leit da seet, Dir därëft d'Lëtzeburger Nationalitéit kréien, mä Dir därëft net an d'Fonction publique erakommen, ech mengen, da schaaft een hei Bierger éischter an zweeter Klass an et ass kloer...

(Interruptions diverses)

Dach, et huet domadder ze dinne, well dobaussen an der Opinion publique dat meeschtens esou domadder verbonne gëtt.

(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)

Ech weess, datt d'sozialistesche Kolleegen dat net gären héieren, mä et ass awer déi Sprooch, déi se dobausse verstinn. Dat ass esou, well et ass ganz kloer, Dir wëllt hunn, datt déi Leit hei sollen zu Lëtzebuerg d'Stëmrecht kréien, fir datt se sech doduerch kënnen besser integréieren, mä éischstens ass d' Aféierung vun der duebler Nationalitéit net gläichzestell mat der Aféierung vum Wahlrecht, well e gudden Deel vu Leit d'duebel Nationalitéit net kennen hunn. Beispill d'Belsch. Däitschland, do weess ech et elo net méi, well d'däitsch Verfassungsgericht elo kierzlech en Uerteel geholl huet an där Affär. Mä et ass awer kloer, datt verschidde Länner d'duebel Nationalitéit net unerkennen, also och mir hinnen déi Nationalitéit net kënnen ginn. Si mussen also e Choix treffen. Dat schéngt mer e wesentleche Facteur ze sinn.

Déi zweet Kritik, déi mir ubréngen a woufir mir géint d'duebel Nationalitéit sinn, dat ass, datt et dann hei zu Lëtzebuerg Bierger gëtt, déi just eng Nationalitéit hunn an därëfen an eng Fonction publique erakommen a Bierger, déi zwou oder méi Nationalitéiten hunn an déi kennen an zwou oder méi Fonctions publiques erakommen, déi kennen an zwee oder méi Länner stëmme goen. An datselwecht gëllt och nach beim Problem vun der Extraditioun, esou wäit wéi et net iwwert de Mandat d'arrêt européen geet.

De Professer Delpérée huet a sengem Bericht och nach verschidde Beispiller ginn, wou manifestement een, deen zwou Nationalitéiten huet, deen zwee Päss huet, och verschidden Avantagen huet, déi deen, deen nëmmen ee Pass huet, net huet.

An do gesäit een och, dass deen Ablack, wou een iwwert d'Problematik diskutéiert, Verschiddener dat wëlle léisen op eng ganz generéis Aart a Weis, wou se déi Avantager vun der double oder multiple Nationalitéit wëlle jiddferengem zouerkennen, an aner Parteien, déi dat wëllen au contraire ganz strikt limitéiert hunn an duerch international Verträge mat anere Länner wëlle limitéieren. Sou dass den Débat dobaussen awer nach wäert bestoe bleiwen, well vill Leit mengen, dass wann haut gesot gëtt vu verschiddene Parteien, mir féieren d'duebel Nationalitéit an, dann hunn ech awer d'Impressioun, dass, wa mer herno gesinn, wat effektiv als Text erauskënnt, dass dann d'Leit awer gesinn, dass vun deenen eenzelne Parteien et awer eng etlech Ennerscheeder ginn an der Approche, wéi se d'Léisunge wëlle gesinn.

Mir mengen, dass et op jidde Fall de verkéierte Wee ass an dass et net de Wee ass, fir hei zu Lëtzebuerg d'Leit besser ze integréieren. Mir mengen au contraire, dass d'Integratioun soll doduerjer geschéien, dass d'Leit, wa se e Choix maachen iwwer hir Nationalitéit, se dat maache fir Lëtzeburger ze ginn an deen Ablack all Rechter a Flichten hunn an net eng zweet Nationalitéit kennen hunn aus enger Aart Shopping vun deenen Avantagen, déi hinnen am meeschte kënnen zousoen.

Et ass ganz kloer, dass et och nei weider Problemer wäert ginn, wann een Elteren huet, déi selwer d'duebel Nationalitéit hunn. Wat fir eng Nationalitéit hunn dann d'Kanner, zwou oder véier Nationalitéiten? Ech mengen, dat si Problemer, déi bestinn, an déi gi manifestement zu dësem Zäitpunkt ënnert den Teppesch gekiert an et läit keng kloer Léisung vir.

Et gëtt och Problemer, déi sech erginn, wat d'Identitéit vun de Persounen ugeet. De Professer Delpérée huet drop higewisen, dass mer eng etlech Prozesser haten iwwert den Numm vum Kand beispillsweis, well verschidden Nationalitéiten dat aneschtens gesinn an aner Konditiounen hunn. Bref, do gëtt et eng etlech Problemer, déi net geléist sinn.

Doriwwer eraus muss een och soen, dass, fir iwwerhaupt kënnen d'duebel Nationalitéit anzeféieren, Lëtzebuerg muss d'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert d'Pluralitéit vun den Nationalitéiten dénoncéieren. An den Artikel 12.3 vun der Konventioun gesäit vir, dass en Délai vun engem Joer no där Deklaratioun muss bestoe bleiwen, wou d'Konventioun awer nach spillt. Et gesäit een also, dass et op jidde Fall, souguer wann et zu engem Changement an der Législatioun kënnt, net fir haut a muer wäert sinn.

Do, wou ee sech och Froe muss stellen, dat ass déi Konventioun vun den Nations Unies, déi vun New York vum 20.2.1957, iwwert d'Nationalitéit vun der bestuetener Frau. Den Titel selwer weist schonn aus, dass dat eng Konventioun ass, déi deelweis iwwerholl schéngt ze sinn, mä déi awer och nach eng Gültegkeet huet, an déi Lëtzebuerg och misst dénoncéieren, fir iwwerhaupt kënnen d'duebel Nationalitéit anzeféieren.

Dat gesot, bleiwe mir als ADR bei der Meenung, dass d' Aféiere vun der duebeler Nationalitéit nâischt weider bréngt zu der Integratioun. Mir fäerten och, dass dat doten e weidere Moyen ass, fir au contraire d'Lëtzeburger Nationalitéit als solch ze bradéieren, an dofir kënnen mir och net mat där Proposition de loi d'accord sinn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

(Interruptions)

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, ech mengen d'Fro vun der Nationalitéit, vun der Acquisitioun vun der Nationalitéit ass eng fundamental Fro, well et stellt d'Fro, wat fir déi eenzel Leit, wat fir dëst Parlament, wat fir dës Regierung eng Natioun ass. Et kann een do verschidden Approchen hunn, mä de Gesetzgeber muss d'Konditiounen festleeën, ënnert deenen een déi Nationalitéit kritt oder ka kréien, wann en dee Choix ausdréckt.

Dat ass eng fundamental Fro, an ech mengen net, dass een déi liichtfankeg soll décidéieren, an ech mengen och net, dass een déi kann décidéieren, ouni an enger Demokratie en Optrag vum Wieler zu esou enger fundamentaler Fro ze hunn. Dat erkläert largement firwat dës Regierung kee Projet de loi op deem dote Wee presentéiert huet.

Déi zwou Parteien, déi dës Regierung bilden an déi an dësem Parlament eng Majoritéit hunn, haten allen zwou net an hirem Wahlprogramm an dofir och net am Koalitiounsprogramm d'duebel Nationalitéit ageschriwwen. An engem Koalitiounsprogramm steet net alles, steet net all Detail, mä wann ee fundamental Froe beäntwert, déi ee guer net am Virfeld bei Wahlen diskutéiert an an e Wahlprogramm geschriwwen huet, da menge mir wär et net richtig, dass een dat einfach géif aféieren.

Dat erkläert, firwat mir an dëser Legislaturperiod keen esou ee Projet abruecht hunn, an dat erkläert och, firwat mer zum Prinzip vun der Proposition de loi, déi mir hei diskutéieren, en negativen Avis ginn hunn.

Ech refuséiere kategoresch, wann hei gesot gëtt, eng kuerz Stellungnahme vun der Regierung wär en Net-Respekt vu parlamentärescher Aarbecht, wéi den Här Fayot dat gesot huet. Wann ee mat engem Prinzip net d'accord ass, wann een dat par ailleurs oft an der Öffentlichkeet an och an dësem Haus, nämlech duerch d'Stëmm vum Statsminister, erkläert huet, da mengen ech, brauch een net zéng Säiten ze schreiwen, fir dee Prinzip ze soen.

Ech mengen, et wär gutt, wa mir an Zukunft géingen zu de Propositionen...

(Interruptions)

Ma jo, well mir der Meenung waren, dass eis schnell Stellungnahme am Kader vun der Erklärung zur Lag vun der Natioun, wat jo awer ee vun deene wichtigste Momenter an der parlamentärescher Debat war an ass, eng Antwort op Är Proposition de loi wär, an déi schréfflech Stellungnahme do hu mer gemaach, nodeem Dir mech nach eng Kéier hei opgefuerdert hat, eis Positioun nach eng Kéier ze soen, well Dir gesot hutt...

(Interruption)

..., well Dir hei an dësem Parlament gesot hutt, mir hätte keng Meenung. Do hunn ech lech gesot: Da kritt Dir déi bis den Owend sechs Auer; ech schreiwen lech dat, wat ech de Mëtteg nach eng Kéier gesot hunn. A wat ech lech haut de Mëtteg elo nach eng Kéier soen, ech kann lech dat och nach eng Kéier schreiwen, mä ech mengen, dat bréngt eis...

(Interruption)

Gutt, also wéi gesot, d'Erklärung zur Lag vun der Natioun huet dat gesot, mä ech ginn zou, Madame Wagener, dass mer vläicht och hätte kënnen dee Moment dat, wat mir mëndlech gemaach hunn, ob schonns dass d'Erklärung zu der Lag vun der Natioun, souwäit ech weess, och schréfflech am Parlament ofgi gëtt, mir op Grond vun där vläicht dee Moment och nach dat hätte kënnen eng Kéier schréfflech maachen. Ech bieden dann dat ze verzeien, dass mir dat net an deem Moment och dee Mëtteg nach eng Kéier schréfflech gemaach hunn.

Mä de Prinzip soll dee bleiwen: Firwat huet d'Regierung dat net déposéiert? Well mir dat net an der Koalitioun ofgemaach hunn an och gemengt hunn, dass ee wéi gesot esou eng Fro net liichtfankeg därëf beäntweren.

Zweetens, an dat ass mir ganz wesentlich: Wat ass d'duebel Nationalitéit? Den Här Henckes huet versicht eng Antwort op déi Fro elo grad ze ginn, mä et muss een awer trotzdem och gesinn, dass an eise Land et ganz vill Leit gëtt, déi haut schonn d'duebel Nationalitéit hunn, wat e wesentleche Facteur ass, dee vläicht och an der Iwwerleeung vun enger ganzer Rei vu Leit iwwert déi lescht Joren an ënnerschiddlech och zu Nopeschlänner hei zu Lëtzebuerg muss beäntwert ginn, nämlech all déi, oder vill vun deenen, déi an engem Beständnis sinn, wou déi zwou Eltere verschidden Nationalitéiten hunn, do hunn d'Kanner och schonn haut no eiser Gesetzgebung zwou Nationalitéiten.

Dat heescht also, dass mir haut de Prinzip vun der duebeler Nationalitéit schonn an eiser Gesetzgebung hunn, well mir gesot hunn, wann ee vun den Elteren eng Nationalitéit huet - dat ass d'Lëtzeburger Ge-

setzgebung, déi dat seet -, da kritt d'Kand automatesch déi Nationalitéit. Wann deen aneren Elterendeel eng aner Nationalitéit huet, dann huet dat Kand, wann och dat Land eng Loi nationale ausschlaggebend huet fir d'Nationalitéit, och déi aner Nationalitéit.

Dat Zweet ass, an dat ass déi Fro, déi mir eis musse stellen, wann een elo wëllt d'Lëtzeburger Nationalitéit kréien duerch e volontären Akt, also par acquisition, musse mir eis d'Fro stellen: Forcéiere mir dann déi Persoun hir ursprüngelech Nationalitéit opzeginn? D'Fro, déi mir eis dee Moment musse stellen, ass net nëmmen - an do bedauern ech e bëssen, dass se am Débat oft nëmmen esou gefouert gëtt -: Ass ee fir oder géint d'duebel Nationalitéit? Fir mech als Justizminister gëtt déi wesentlich Fro an deem nächste Parlament wa mer doriwwer mussen diskutéieren: Enner wat fir enge Konditiounen erlabe mer enger Persoun déi Nationalitéit, déi se ursprüngelech hat, bäizebehalen, wa se d'Lëtzeburger Nationalitéit wëllt acqueréieren?

Ech huelen e portugisescht Kand, wat hei op d'Welt komm ass an hei an der Schoul war, dat duerch seng Elteren d'portugisesch Nationalitéit kritt huet, wat wëlles huet hei zu Lëtzebuerg wunnen ze bleiwen, wat an engem gewësse Moment seet, ech wär och gare Lëtzeburger: Forcéiere mer dat Kand a soen: Du muss elo alles opgi wat d' Passé representéiert, wat deng Elteren, deng Grousselteren, deng Virfahre representéieren? Refuséiere mer deem ënnert deem Moment d'Lëtzeburger Nationalitéit ze kréien? An dofir mengen ech - an dat ass meng Meenung als Justizminister an dëser Regierung -, dass de wesentleche Punkt deen ass vun de Konditiounen, déi mer dee Moment setzen.

Ech mengen, dass mer duerfir musse laang Residenzklausele virgesinn, éier ee kann d'Lëtzeburger Nationalitéit kréien, bei Bäibehaltung vu senger Ursprungsnationalitéit, an zweetens, dass mer nach méi Akzent musse leeën op déi Sprooch, déi an dësem Land d'Nationalsprooch ass, nämlech d'Lëtzebuergesch Sprooch. Dir wësst, dass ech dat an deem Gesetz iwwert d'Reform vun den Nationalitéiten agefouert hat, mä mir mussen eis an där doter Debat nach eng Kéier iwwerleeën, ob mer do net nach méi Wäert mussen drop leeën, well den Integratiounsfacteur ass an enger Gesellschaft, déi sech duerch vill Nationalitéiten charakteriséiert a wou een e Bindeglied brauch, d'Sprooch notament, an dofir musse mer och doriwwer en Débat féieren.

Mir féieren en Débat am Kader vun deene kommende Wahlen, mir brauche virun allem en Optrag vun de Wieler, mä duerno musse mer och en Débat féieren iwwert d'Konditiounen. Och wa mer mam Prinzip d'accord sinn, geet dat net duer. Iwwert déi Konditiounen musse mer diskutéieren, an déi Konditiounen dierfen net dozou féieren, dass et einfach eng Convenance personnelle an engem gewësse Moment ass fir déi Nationalitéit ze kréien, mä dass d'Integratioun viru bewisen ass, an de Gesetzgeber muss déi Konditiounen an eisen Ae ganz prezis virgesinn.

Merci.

M. le Président.- Den Här Henckes huet d'Wuert.

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Ech wollt just eppes preziséieren, an do wäert Der mat mir d'accord sinn: Kanner, wou d'Elteren zwou verschidden Nationalitéiten hunn, déi hunn effektiv d'duebel Nationalitéit bis zum Alter vun 18 Joer, mä da mussen se eng Optioun treffen fir déi eng oder fir déi aner Nationalitéit.

M. le Président.- Domadder, Kolleegen, wär dee Punkt ofgeschloss a mir kommen dann elo zur

Präsentatioun vun der Proposition de loi 4947 vun der Madame Renée Wagener iwwert d'Adoptionsrecht. Et si schonn ageschriwwen: den Här Wiseler, d'Madame Err, den Här Ripinger an den Här Henckes. D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, déi honorabel Madame Renée Wagener.

10. 4947 - Proposition de loi tendant à élargir les conditions requises pour l'adoption aux personnes non mariées

Présentation

Mme Renée Wagener (DÉI GRÉNG), auteur.- D'Autorin, Här President. Merci fir d'Wuert. Den Accès zur Adoption plénière besteet hautdesdags zu Lëtzebuerg just fir bestuete Koppelen. Dës Proposition de loi gesäit dofir vir, fir déi Konditioun ofzeschaffen. An deem Sënn huet se och e ganz enge Lien mat deenen zwee Projeten, déi deemnächst hei am Plenum ustinn, nämlech dem Projet de loi zum Partenariat a meng eege Proposition zur Ouvertür vum Mariage fir homosexuell Koppelen. Ech géif scho bal behaapten, et wär e wichtige Complément zu deenen zwee Texter, esou dass ee bal scho vun enger Dräifaltgkeet hei kéint schwätzen.

Den zentrale Grond, Här President, firwat dës Regierung d'Beständnis net wëllt opmaache fir homosexuell Koppelen, läit an där traditioneller Konzeptioun vun der Famill a vun der Filiatioun oder, fir et mat engem Zitat vum Erzbëschof vun der kathoulescher Kierch auszudrücken: „dem einzigartigen und unverwechselbaren Rang der Ehe zwischen Mann und Frau und der in ihr verwurzelten Familie“. Meng Proposition de loi vun 1996 iwwert den Accès zum Mariage fir homosexuell Koppele war an deem Sënn net nëmmen e Versuch fir d'Diskriminierung u sech vun deene Koppelen ofzeschaffen, mä och fir de Privileg vun der heterosexueller Koppel a Fro ze stellen, fir dierfe Kanner groussezéien, ob dat elo hir eegen oder adoptéierter sinn.

Ech si mer awer ganz schnell bewosst ginn, dass et mat der Ouvertür vum Mariage eigentlech net gedoe wär, mä dass de System vun der Adoptioun, esou wéi en haut zu Lëtzebuerg besteet, nach aner Bevölkerungsgruppen diskriminiert, well en zumindest bei der Adoptioun plénière op d'Konditioun vum Beständnis opgebaut ass.

Ech hat dofir och am Mäerz 2002, wéi mer iwwert d'Konventioun par rapport zu den internationalen Adoptiounen hei diskutéiert hunn, eng Motioun eraginn, wou d'Regierung opgefuerdert gi war, eng Reform vun där Gesetzgebung ze maachen an déi un d'gesellschaftlech Gegebenheeten unzepassen, eng Reform, déi souwuel hetero- an homosexuell Koppele géif gläichstellen, wéi och deene célibataires Einzelpersonen den Accès zu der Adoptioun géif erméiglechen.

Déi Motioun ass deemools mat de Stëmme vun der CSV a vun der DP verworfen ginn, wat ech ëmsou méi interessant fannen, wéi déi zwou Parteien es jo net midd ginn, fir sech an der Öffentlichkeet als Reformparteien duerststellen. Et ass frappant, Här President, dass keng vun deenen zwou bis elo och nëmmen undeitungsweis bereet war, dee Reformschrëtt, deen et jo wär, a Saache Gesellschaftspolitik ze envisagéieren! E Schrëtt, deen iwwregens schonn an enger Rei vun europäesche Länner ugaange ginn ass oder zumindest undiskutiert gouf an deen och am Fong e Stéck vun Demokratisierung vum Accès zur Adoptioun duerstellt.

Och zu Lëtzebuerg, Dir Damen an Dir Hären, ass dat iwwregens schonn en Thema gewiescht. Mir haten e Gerichtsfall, dee bis virun

d'Verfassungsgericht komm ass. Leider ass deem säin Uerteel net ganz fortschrittlech ausgefall. Ech denken och, dass dat aktuellt Adoptiounsgesetz, wat haut zu Lëtzebuerg gültig ass, op engem Mythos berout vum Elterepuer, en Elterepuer wat anscheinend onverzichtbar ass fir dat glécklecht Gedeie vun de Kanner. D'Geschicht ass awer voll - an ech hunn dat och a menger Proposition de loi am Exposé des motifs geschildert - vu Beispiller, wou Kanner net vun zwee heterosexuellen Elterendeeler groussgezu goufen.

En extreemt Beispill ass dat vu Krichszäiten, wou d'Männer einfach net do sinn. Et gi méi normal Fäll, wéi dee vu beruflsbedingten temporären oder méi laang andauernden Trennung raimlecher Natur, et gëtt de Fall vun de Witfraen a -männer, vun den Elengerzëenden, et gëtt an et gouf frëier ganz vill Kanner, déi bei de Grousseltere gelieft hunn oder bei anereren Deeler vun der Famill a vun deene groussgezu gi sinn. An et gëtt grad och am 20. an och nach am 21. Jorhonnert de Phänomeen vun der „vaterloser Gesellschaft“, nämlech deen, dass d'Pappen esou gutt wéi net an der Erziéung vun de Kanner hir Roll spillen.

Mä allgemeng stellt een dann och zu Lëtzebuerg fest, dass ëmmer méi Kanner an net traditionelle Familljeverhältnissen grouss ginn, an de Modell Mamm a Papp a Kand verléiert ëmmer méi un Terrain, sief et nëmme duerch déi héich Scheedungszuelen, déi mer jo kennen. Wann dat awer gewosst an akzeptéiert ass, da misst et dach eigentlech och akzeptabel sinn, dass Eenzelpersonen, net bestuete Koppele respektiv homosexuell Koppelen, déi sech net dierfe bestueden, géife Kanner adoptéieren. A woufir solle si dat méi schlecht maache wéi bestuete Koppelen? A wéi eng Garantie fir d'Stabilitéit vun enger Partnerschaft bitt iwwerhaupt nach e Bestiednis? Wat bedeit d'Restriktioun vum Adoptiounsrecht haut nach, wou d'Scheidungsrate esou héich sinn?

Här President, des Regierung ass dofir net nëmme keng Reformregierung, mä si wëllt emol net de Realitéiten an d'Ae kucken andeems si net nëmme de Mariage net wollt opmaache fir homosexuell Koppelen an hinnen doduerch och den Accès zur Adoptioun verschafft hätt, mä andeems si och an hirem Projet de loi zum Partenariat den Thema Adoptioun einfach ignoréiert.

Et gëtt aner Länner an Europa, wou dat anescht gesi gëtt. A Schweden zum Beispill gëtt et zwar kee Bestiednis fir déi homosexuell Koppele, mä si hunn déiselwecht Rechter wéi heterosexuell Koppelen, och wat d'Adoptioun betrëfft. An Holland ass am Joer 2000 den Accès zur Adoptioun opgemaach gi fir net bestuete Koppelen an Eenzelpersonen, an der Belsch gëtt et ëmmerhin zwou Proposition-de-loien, eng vun engem liberalen Deputéierten an eng vun engem sozialisteschen, déi den Accès vun den homosexuelle Koppelen zur Adoptioun géife virgesinn. An et gëtt och eng Rei vu Länner, déi schonn eng ganz laang Tradition dovunner hunn, fir eenzelne Personnen d'Recht op Adoptioun zougestoen, zum Beispill och Frankräich.

Här President, meng Proposition de loi géif also net nëmme en zentrale Privileg vun der Institution vum Mariage ofschafen, an domat fir eng Demokratiséierung suergen, mä si géif och am konkrete Fall fir eng Rei vu Familljen hei zu Lëtzebuerg d'Liewe méi einfach maachen.

Wat e bësse bedauerlech ass, dat ass, datt de Conseil d'État, obwuel en am Avis zu menger anerer Proposition iwwert de Mariage eng ganz negativ Haltung zum Thema Adoptioun hat, elo awer bei sengem Avis zum Partenariat wier-

lech en daitleche Fortschritt schéngt gemaach ze hunn, an am Fong och dat Thema vill méi oppen ugeet vun de Kanner an enger Koppel, déi eben net heterosexuell ass, dass also deeselwechte Conseil d'État zu deser Proposition de loi bis elo keen Avis ofginn huet. Wéi gesot, dat fannen ech bedauerlech, mä e steet do op enger Linn mat deser Regierung, déi sech bis elo och geweigert huet, respektiv net dru geduecht huet, fir zu där heiter Proposition de loi eng Position ze bezéien.

Här President, ech kommen zum Schluss. Ech wëll just nach e puer Wuert soen zum Konzept vun der Adoptioun u sech. Ech hat meng Proposition de loi an e relativ enke Kader gesat, well et mer ëm desen zentrale Punkt gaangen ass. Et stelle sech awer ronderëm d'Adoptioun eng ganz Rei vu Froen, zum Beispill déi, ob et nach ubruecht ass oder ob et iwwerhaupt ubruecht ass, datt e Kand, wat adoptéiert gëtt, total mat senger Ursprungsfamill brécht, jo esouguer keng Informatioun iwwer si kritt, wat méttlerweil ganz staark diskutéiert gëtt, a wou et och vill Literatur gëtt, déi seet, datt dat am Fong net esou sënnavoll wär, wéi dat frëier ëmmer geduecht ginn ass.

Dës Fro hunn ech a menger Proposition ausgeklamert, well se iwwert d'Frstellung erausgaangen ass. Si misst awer dringend gekläert ginn, genausou wéi déi, firwat an engem Land wéi Lëtzebuerg esou staark op déi relativ ëmständlech international Adoptioun zréckgegraff gëtt, well et zu Lëtzebuerg net genuch Kanner gëtt fir ze adoptéieren, während gläichzäiteg awer eng héich Zuel vu Fleegekanner waarden op Ersatz- oder Zousatzeltern. Dat schéngt dann awer e Konzept ze sinn, dat vun de Fleegekanner, wat manner a Moud ass, wéi dat vun der Adoptioun.

Wéi gesot, och en Thema, wat een onbedéngt hei an der Chamber misst emol ugoen. An dann eng aner Fro, déi och mat där vun der Adoptioun liiert ass, an déi awer nach e ganz anert Diskussionsfeld opmécht. Dat ass déi vun Recht op künstlech Befruchtung, wann een net bestuet ass, respektiv net an enger Koppel leeft, oder wann et sech ëm eng homosexuell Koppel handelt. Och desen Thema wär et derwäert, datt en deem nächst vun der Chamber géif gekläert ginn, wann net an deser, dann an enger anerer Besetzung.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Wuert huet elo als éischten Diskussionsriedner den Här Claude Wiseler.

Discussion

M. Claude Wiseler (CSV).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Adoptioun ass fir déi Leit, déi eng Adoptioun wëlle maachen, eng fundamental Décisioun. Eng fundamental Décisioun op enger ganzer Rei Niveauen, um Niveau vun de Gefiller op där enger Säit, well ech mer am Fong net ka virstellen, datt et eng méi déif gräifend a méi gefillsméisseg ëmouvant Décisioun gëtt, déi ee muss huelen, wéi sech ze decidéieren e Kand ze adoptéieren. Op där anerer Säit och um Niveau vun de Responsabilitéiten, déi een iwwerhëlt andeem een esou eng Décisioun hält, andeem een esou eng Adoptioun mécht. Alles dat ass fir mech eppes wat déi Décisioun zu der Adoptioun zu engem fundamentale Mouvement mécht, zu enger fundamentaler Décisioun, déi ee kann huelen.

Op där anerer Säit och fundamental fir déi Kanner, déi betraff sinn, well et fir si eng absolut liewensbestëmmend Décisioun ass, well et am Fong, wann een et richtig kuckt, ee vun deene gréissten Agrëffer ass, eng vun deene gréissten Décisionen, déi de Stat ka mat droen, wann eng individuell Décisioun fir e Kand, fir e Mënsch

geholl gëtt. A beim Kand ass dat och nach esou, datt se zu engem groussen Deel ouni den Avis vum Kand geholl gëtt, well d'Kand net ka säin Avis zu där Zäit ginn.

A jidderee vun eis kennt Fäll, wou d'Adoptioun e Succès war, wou souwuel fir d'Famill wéi fir d'Kand dee ganze Mouvement sech doranner geëndegt huet, datt et zu engem gléckleche Liewen, zu enger glécklecher Situatioun gefouert huet, an ech ka mer am Fong näischt virstellen, wat méi schéin ass, wann een an deem ganze Kontext iwwer Joren eraus e Succès vun der Adoptioun ka feststellen.

Op där anerer Säit kennt awer och jidderee vun eis Adoptiounen, déi voller Schwierigkeete ware vu béide Säiten, oft well Jugendlecher an engem gewëssenen Alter ufänke Froen ze stellen, a well se net ëmmer déi Äntwerte momentan kënnen op déi Froen kréien, déi dee Moment gestallt ginn.

Déi Décisioun, déi hei geholl gëtt, ass also eng fundamental Décisioun, ass eng liewensbestëmmend, eminent wichteg Décisioun.

D'Madame Wagener proposéiert an hirer Proposition de loi d'Konditiounen ze erweideren, fir d'Adoptioun ze erlaben, grosso moddo andeem se éischens d'Notioun vum Partenariat an déi Artikelen aschreift, déi d'Adoption simple betreffen, an op där anerer Säit bei der Adoption plénière, déi opmécht fir déi Personnen, déi eleng wëllen adoptéieren, op där anerer Säit och fir zwee Partner, wann dat Gesetz vum Partenariat dann eng Kéier an d'Realitéit hoffentlech geschwënn ëmgesat gëtt.

D'Motivatiounen, déi am Exposé des motifs stinn, si ganz interessant. D'Realitéit gëtt beschriwwen a sech wéi se ass. Mir hunn hei haut méi Familles monoparentales, mir hunn eng ganz Rei Koppele méi, déi net bestuet sinn, mir hu manner Bestiednisse. Alles dat ass jo schonn eleng vun den Zuelen, mä och vun der Realität hier, déi all Dag vu ville Leit gelieft gëtt, evidenterweis richtig. An et ass och gradesou evident, dat wat d'Madame Wagener schreift, datt vill Kanner, déi bei Koppelen erzu ginn, déi net bestuet sinn, respektiv bei monoparentalë Familljen, d'Erziéungsarbecht absolut perfekt gemaach gëtt. Do ass am Fong iwwerhaupt keng Diskusioun driwwer.

Déi zweet Motivatioun, déi am Exposé des motifs steet, dat ass déi fir ze soen, datt och fir homosexuell Koppelen des Adoptioun soll opgemaach ginn. An déi haapt-sächlech Argumenter, déi hefir zitéiert ginn, sinn Argumenter vun der Net-Diskriminatioun. Ech erlaube mer lech e Saz ze zitéieren, deen u sech déi Argumenter gutt resüméiert, wou Der sot: „La présente proposition de loi s'inscrit dans la logique d'un accès égal de toutes les citoyennes et tous les citoyens aux privilèges que la loi réserve actuellement encore aux couples mariés“. Dir bezitt lech an Ärer Argumentatioun op d'Recommandatioun vum Conseil de l'Europe, vun der Charte des droits fondamentaux de l'Union européenne. Ech kann och déi Argumentatioun, déi Der do bréngt, absolut verstoen an där Logik, an där Aart a Weis, wéi Der se bréngt.

Ech mengen awer, datt een an deser Diskusioun muss nach eng zousätzlech aner Argumentatioun dobäi bréngen, en anere Rasonnement, wat da baséiert op der Convention internationale des droits de l'enfant. Déi seet am Artikel 3 an am Artikel 21, datt all Décisioun, déi hei geholl gëtt, muss am Intérêt supérieur de l'enfant geholl ginn.

Mir hunn dann och eng Jurisprudence vun der Cour européenne des droits de l'homme, déi eng ganz Interpretatioun dovunner gëtt. Dat ass den Arrêt Frette géint Frankräich, deen Dir och an Ärem Exposé des motifs richtegerweis zitéiert. An do sinn eng Rei Explikatiounen dran, eng Rei Zitatiounen, déi ech awer net ongär géing maachen, well se just am Fong an dee Kader sech aschreiwene téschent deem Rasonnement op där enger Säit, wat Dir maacht vun dem Droit à l'enfant, an op där anerer Säit dem Kannerrecht, dem Droit de l'enfant.

D'Cour européenne des droits de l'enfant seet, datt an deem heiten Domän: „les droits de l'enfant limitent le droit à l'enfant“. An enger anerer Zitatioun seet se: „l'adoption est de donner une famille à un enfant, et non un enfant à une famille“, an eng lescht Zitatioun an deem Kontext: „le droit de pouvoir adopter, dont se prévaut le requérant,...“, an dessem Fall den Här Frette, deen déi Plainte do gefouert huet, „...trouve sa limite dans l'intérêt de l'enfant susceptible d'être adopté“. An ech mengen, dat beschreift eis kloer an daitlech deen Zwiespalt téschent zwee Rasonnementen, deen hei besteet, wou ee muss kucke fir den Equilibre ze fannen.

An e weénege méi wäit an der Jurisprudence vun der Cour européenne des droits de l'homme, déi fir mech awer wesentlech ass, well se e laangt Rasonnement féiert iwwert dat wéi een an där Situatioun do kann a soll rasonnéieren, an ech zitéieren do erëm: „La différence de traitement résulte, en l'état actuel des connaissances, des incertitudes pesant sur le développement d'un enfant élevé par une personne homosexuelle et privé de la double référence maternelle et paternelle“.

Et gëtt also hei festgehalen, datt weder all déi Spezialisten, déi sech ëm deen Domän momentan an haut bekëmmern, nach am Allgemengen eis demokratesch Gesellschaften op déi dote Froen eng kloer an eng unanime Äntwert ginn. An an eisen Ae sinn och déi Äntwerten, déi elo gi sinn op déi hei gestallte Froen, nach net kloer.

Wann een also - an domadder wëll ech am Fong ophalen - eng Léisung sicht, da muss een déi Léisung fannen am Equilibre téschent op där enger Säit dem prioritäre Recht vum Kand, an anersäits dem Recht zum Kand. A mir mengen, dass des Proposition deen Equilibre nach net hiergëtt an dofir mir net op dee Wee vun där Proposition hei kënnen goen.

Ech soen awer hannendrun, dass eist Gesetz, esou wéi et haut ass, op där enger Säit d'Adoption simple virgesäit an op där anerer Säit d'Adoption plénière virgesäit. A mir sinn am Fong domat, wann een dat kuckt a vergläicht mat aneren europäesche Länner, an enger ganz besonnenescher Situatioun am Vergläich zu anere Länner, déi am Fong déi Adoption simple engersäits an d'Adoption plénière anersäits net esou kennen, wéi mir se kennen.

Mir wëssen och, dass d'Adoption plénière - an d'Madame Wagener huet dat mengen och richtegerweis gesot - hei zu Lëtzebuerg och net en Accord ass mam Recht vum Kand seng Elteren ze kennen. Dofir menge mir, aus desen an aus anere Grënn, dass ee selbstverständlech och an nächster Zäit muss op si fir eng Reflexioun, déi am Allgemengen iwwert d'Adoptioun sécherlech an der nächster Zäit muss gefouert ginn.

Ech soen lech merci fir d'No- lauschtenen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jacques-Yves Henckes.

(Interruptions)

M. Jacques-Yves Henckes (ADR).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, déi mir hei virleien hunn, huet zum Zweck fir d'Gesetz, wat mir elo kennen, an deem Sënn ze änneren, dass d'Adoptioun soll opgemaach gi fir Leit, déi net bestuet sinn. Den Hauptbut schéngt deen ze sinn, fir awer d'Adoptioun opzemaache fir homosexuell Koppelen. Dat ass ee vun den Hauptbuten. Ech mengen, et dierf een hei net ronderëm de Bräi schwätzen.

Mir sinn der Meenung, dass mer déi Institution Mariage intakt sollen halen. Dofir hu mir ons och géint, a wäerten ons och géint de Partenariat, géint de Pacs ausschwätzen, deen elo an der Diskussion ass. Mir sinn der Meenung, dass dat also am Kader vum Mariage soll sinn an dass et keng aner Form soll doniewent ginn, fir Kanner ze adoptéieren.

Woufir? Et ass kloer, dass mer gesinn, dass mer müssen där neier Aart a Weis, wéi d'Leit zesummeliewen, Rechnung droen, mä dat gesi mir net iwwert de Wee, fir d'Adoptioun fir esou Leit, déi net bestuet sinn, virzegesinn, mä duerch eng Reform vun der Autorité parentale, wou mir mengen, dass, egal ob d'Leit zesummeliewen, ob se en Accord de partenariat gemaach hunn, oder ob se séparéiert sinn, dass do op jidde Fall d'Liené vu Papp a Mamm fir all Kand erhalte solle bleiwen.

Mir mengen, dass also d'Adoptioun limitéiert soll bleiwe fir déi bestuete Koppelen an dass déi Interpretatioun vun den Texten, wéi mir se elo virgesinn, bis elo op jidde Fall just nëmme virgesäit, dass d'Bestiednis muss téschent heterosexuelle Partner geschéien. Ech weess, dass eminent Juristen doriwwer debattéieren, ob dat effektiv esou kloer am Text steet. Et huet een d'Debatten elo kierzlech nach a Frankräich gesinn. Do ass eng Debatt doriwwer méiglech. Perséinlech mengen ech, dass dat géint den Ordre public géeng verstoussen an dass mer also dofir d'Adoptioun solle limitéieren op déi heterosexuell Koppelen.

Mir gesinn och, dass do, wou de Mariage vun Homosexuellen an d'Législatioun agebonne ginn ass, déi meeschte Länner, wann net souguer alleguerten, eng kloer Disposition hunn, dass, trotzdem de Mariage vun Homosexuellen an hirem Land erlaabt ass, déi Koppele awer do keng Kanner dierfen adoptéieren. Dofir kënnen mir als ADR och mat der Proposition vun der Madame Wagener net d'accord sinn.

Une voix.- Très bien.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Jean-Paul Rippinger.

M. Jean-Paul Rippinger (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Adoptioun ass en Akt très grave an och e ganz wichtige Akt, sou dass een och hei uewen net egal wat doriwwer ka verzielen. Et sinn eng ganz Rei vun Dispositionen an eise Code civil iwwert d'Adoption plénière an d'Adoption simple. Mir sinn der Meenung, dass zu dessem Zäitpunkt, wou mir dat hei diskutéieren, déi Dispositionen duerginn an net zu enger Reform Ulass ginn.

Dat verhënnert awer net, dass ee kann doriwwer diskutéieren a bei gewësse Konditiounen hei Assouplissementen erbaiféieren, besonnesch bei der Adoption plénière - dat ass also déi, wou déi schwierigst Konditiounen erfëllt musse ginn. Ech fannen och, dass et net duergeet, an enger Proposition de loi einfach dat Wuert Partenariat eransetzen, an domadder ass et geden. Dat ass mir e bëssen ze weénege, sondern et ass e reelle Problem, dee sech stellt. Et ass och e reelle Problem, dee sech stellt bei dem Partenariat an awer och bei gläichgeschlechtliche Partnerschaften a Mariagen.

Et ass gesot ginn hei, déi zwou Koalitionsparteie wäre keng Reformparteien. Mir waren déi éischt, déi während eiser Journée parlementaire am September 2001 eis fir de Mariage vu gläichgeschlechtleche Partner ausgeschwat hunn. Mä ech muss lech awer och soen, dass dat net e Konsens erbäiféiert bei alle Leit, déi an der Demokratescher Partei sinn, sondern dass dat e Beschluss vun eiser Fraktioun ass.

Mir stinn och zu deem Beschluss, mä wann een awer haut, ech géing souguer soen, deen een oder anere Kandidat vun eis géing froen, weisst ech emol net, ob jiddfereen - ebe well et just och eng Gewessensfro ass an e gesellschaftspolitesche Problem ass -, ob all Kandidat vun der Demokratescher Partei vun deene 60 sech géing dofir ausschwätzen an ob all Member vun der Demokratescher Partei sech fir de Mariage vu gläichgeschlechtleche Partner géing ausschwätzen.

Ech mengen, dat ass queesch duerch sämtlech Parteien. Et ka kee soen, dass a senger Partei eng Unanimitéit wär dofir. Mä dofir fanen ech, dass dat Gesetz iwwert d'Partenariat en éischte Schrëtt an déi richteg Richtung ass. Et muss een och emol kucken, wéi dat an deene Länner, wou dat agefouert ginn ass, an der Belsch an an Holland, sech auswierkt no zwee oder

no dräi Joer, fir dass ee gesäit, wat fir juristesche Konsequenzen dat eben och mat sech bréngt.

Et kann ee keng Adoptioun à la légère maachen, an dass et e Problem ass, ob een elo e Mariage zouléisst vu gläichgeschlechtleche Persounen oder beim Partenariat, dat gesi mer, well d'Adoption simple kënnen elo schonn zwee Leit, déi net bestuet sinn, déi gläichgeschlechtlech sinn an déi zesumme wunnen, maachen, da kann ee vun hinnen eng Adoption simple maachen.

D'Konditiounen si jo relativ einfach: „L'adoption ne peut avoir lieu que s'il y a de justes motifs et si elle présente des avantages pour l'adopté.“ Also eng Adoption simple, zwee Gläichgeschlechtlecher, déi zesumme wunnen, déi kee Partenariat aginn, déi och net bestuet sinn. Et kann ee vun hinne eng Adoption simple maachen. Mä zwee, déi e Partenariat aginn oder zesumme bestuet wären, do ass d'Adoptioun net méiglech.

Mir müssen eis awer Gedanken doriwwer maachen. Mir kënnen elo net einfach dat op d'Säit drécken a soen dee Problem géing net existéieren. Well, et sinn och gläichgeschlechtlech Partnerschaften, déi gutt funktionéiere géingen, a wou d'Kanner bestëmmt och gutt ënnerbruecht wären. Dofir, mengen ech, muss een, ouni dass een elo

sech direkt ausschwätzt fir dat eent oder fir dat anert. Et muss een och déi juristesche, déi familiär Konsequenze bedenken, diskutéieren, an net einfach à la légère soen: Sou, elo kënnen déi dat maachen.

Dat ass op jidde Fall eng virsiichteg Haltung, well eng Adoptioun ass jo net nëmmen do fir d'Adoptivelteren, fir déi Leit, déi adoptéieren. Et soll jo awer och am Intérêt si vum Adopté, vum Kand oder vun de Kanner, déi adoptéiert ginn. An dofir ass déi Saach net esou einfach, dass ee ka mat engem Fiedertréch elo kommen a soen, esou, vun haut un oder vu muer un si mir dofir, dass gläichgeschlechtlech Partner, wa se e Partenariat agaange sinn, och kënnen Kanner adoptéieren.

Ech mengen dat bedéngt och eng Discussion approfondie iwwert déi juristesche, familiär Konsequenzen, déi dat mat sech bréngt fir den Adopté a fir d'Adoptants - d'Adoptivfamilljen also. Op jidde Fall zu deem Zäitpunkt si mir net d'accord, fir déi Proposition de loi do ze ënnerstëtzen.

M. le Président.- D'Wuert huet elo den Här Justizminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, Dir Damen an Dir Hären, dat hei ass

selbstverständlech eng schwiereg Fro, esou wéi déi, déi mer bei der viregter Proposition de loi behandelt hunn, déi een och net einfach kann an alle Situatiounen mat jo a mat nee beäntweren.

Ech géing just zwou Observatiounen wëlle maachen. Déi éischt ass déi, dass mir eis d'Fro stellen, ob et an dëser Diskussioun iwwerhaupt kann e Recht op e Kand ginn, ob d'Fro net vill méi déi ëmgedréinten ass, nämlech wat fir eng Rechter muss e Kand hu par rapport zu enger Familljen, a wéi déi an deem Fall muss constituéiert sinn, besonnesch an der Situatioun vun enger Adoptioun, wat e wesentlechen Ennerscheid ass, an eisen Aen, vun enger natierlecher Relatioun, enger vun der Gebuert hier entstannener Relatioun tëschen Elteren an engem Kand.

Mir mengen, a mir hunn dat am Detail gekuckt, dass dës Proposition de loi a ville Situatiounen, a wann een dat alles muss ofweien, net den Intérète vun de Kanner entsprécht, an dofir si mer mat dëser Proposition de loi net d'accord, well mir Bedenken hunn, dass hei d'Intérète vun de Kanner net an alle Situatiounen gewahrt wären.

Ech soen lech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Den Här Minister Frieden freet nach eng

Kéier d'Wuert. Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

11. Dépôt d'un projet de loi

M. Luc Frieden, Ministre de la Justice.- Här President, ech wollt nach ganz kuerz d'Wuert, well ech wollt nach den Dépôt vun engem Projet de loi maachen, dem

- *Projet de loi 5330 portant accélération de la procédure d'asile et - portant modification de la loi modifiée du 3 avril 1996 portant création: 1. d'une procédure relative à l'examen d'une demande d'asile; 2. d'un régime de protection temporaire.*

Ech wollt en hei an der Chamber déposéieren.

M. le Président.- D'Chamber hält Akt vum Dépôt vun engem Projet de loi duerch den Här Justizminister Luc Frieden an dee Projet gëtt un déi zoustänneg Instanze weidergeleet.

Kolleginnen a Kollegen, domadder wäre mir um Enn vun eiser Sitzung. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg a fänkt um hallwer dräi un.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.35 heures)

Ordre du jour

- Dépôt d'une proposition de loi
- 5329 - Proposition de loi de M. Marc Zanussi sur les transports publics - Déclaration de recevabilité
- Débat de consultation au sujet d'un concept intégré des transports et du développement spatial
(Présentation du sujet du débat - Discussion générale)
- Ordre du jour

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Michel Wolter, Ministre; M. Eugène Berger, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.32 heures)

M. le Président.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber eng Matdeelung ze maachen?

(Négation)

Dat ass net de Fall.

Den Här Alex Bodry freet d'Wuert fir den Dépôt vun enger Proposition de loi.

1. Dépôt d'une proposition de loi

M. Alex Bodry (LSAP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn d'Éier den Dépôt vun der

- *Proposition de loi 5331 sur les enquêtes parlementaires*

ze maachen.

Ech géif lech bieden se un d'Conférence des Présidents weider ze reechen, fir dass se an de legislative Prozess erakënn.

Merci.

M. le Président.- Ech huelen Akt vun där Proposition de loi a si gëtt un déi zoustänneg Kommissioun weidergeleet.

2. 5329 - Proposition de loi de M. Marc Zanussi sur les transports publics - Déclaration de recevabilité

Esou wéi den Artikel 57 vun eisem Chamberreglement et virgesäit huet d'Präsidentekonferenz an hirer Sitzung vun haut de Moie virgeschloen, datt d'Proposition de loi 5329 vum Här Marc Zanussi iwwert den öffentlechen Transport fir ricevabel erkläert gëtt.

Ass d'Chamber domat averstanen?
(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Haut de Mëtteg steet op Ufro vun der Regierung eng Konsultationsdebat iwwer en integratiivt Verkéiers- a Landesentwicklungskonzept fir Lëtzebuerg op dem Ordre du jour. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht. Et si schonn agedroen déi Häre Schank, Bodry, Graas, Gibéryen, Gira, Urbany, Hauptert a Klein.

Fir unzefänken huet d'Regierung d'Wuert gefrot, an der Persoun vum Här Innenminister Michel Wolter.

3. Débat de consultation au sujet d'un concept intégré des transports et du développement spatial

cept intégré des transports et du développement spatial

M. Michel Wolter, Ministre de l'Intérieur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, „IVL, en Zauberwuert mat dräi Buschtawen?“, sinn ech rezent gefrot ginn. Dobäi ass et dach eng ganz einfach Ofkierzung. Et sinn nëmmen dräi Buschtawen, wou sech dann hannert all eenzelnem Buschtaf e Gedanke widderpigelt. Trotz intensive Beméiunge während zwee anengemhallwe Joer ass eis inhaltlech näischt Besseres agefall an dofir géif ech vläicht un deenen dräi Buschtawen IVL erklären ëm wat et sech handelt.

I, fir integrativ, dat heescht d'Noutwendegkeet an Zukunft hei zu Lëtzebuerg eng Rei vu Saachen net méi jiddereen aus sengem Eck eraus, mä zesummen unzegoen, verschidde Politikfelder net getrennt, mä gemeinsam ze gestalten. De Problem vun Verkéier, dee mer an deene leschte Joren hei zu Lëtzebuerg verstärkt bemierkt hunn, an d'Landesentwicklung, d'Fro wéi mer dann an der Zukunft d'Funktione Wunnen, Schaffen a sech bewegen, ëm déi et hei geet, d'Aart a Weis wéi mer zummeliere, wéi mer déi openeen ofgestëmmt kréien an zwar aus enger Entwécklungstheorie eraus an net aus enger renger Landesplanungstheorie eraus.

Et ass, hunn d'Experten eis gesot, europawäit no hirer Kenntnis deen éischten Essay, dee gemaach ginn ass fir kohärent a mateneen op eng Rei vu kruziale Froen eng Äntwert ze ginn an zwar op d'Froe wéi een d'Verbindunge fënnit tëschent Wunnen, Schaffen a sech bewegen, mat all deene Facteuren, déi do ronderëm zirkuléieren.

D'Fro, déi mer eis gestallt hunn, ass déi: Wéi kann eist Land am Kader vun engem weideren dynamesche Wuesstum vun Awunner, Aarbechtsplazen a Grenzgänger d'Erausforderunge vun der Zukunft ugoen? An der Diskussioun mat den Experten, déi ganz interessant war, si mer ganz séier op dräi Punkte komm. Dat Éischt d'Erkenntnis, dass mer un engem Punkt vun eiser Entwécklung ukomm sinn, dee konsequent a vläicht och en anert Handeln erfuerdert wéi dat wat mer an deene leschte Joren a Jorzénge eis eben aus de Rezepten vun där Zäit als Methodik ginn hunn.

Zweetens, dass mer en Entwécklungsschema brauchen op déi nächst 20, 25 Joer gekuckt, wat probéiert d'integratiivt Zesummespill vun deene Funktiounen, ëm déi et hei geet, mateneen ze verknäppen, also praktesch ëm all déi Politikfelder, déi net eppes mam Sozialen, Familiären, Steierlechen an esou weider ze dinn hunn.

An drëttens, an dat war déi grouss Erausforderung an ech mengen, dass eis dat gelongen ass, dat ass aus der Erfahrung vu fréieren Etüden eraus net e Konzept ze bréngen, wat attaquabel wier an deem Sënn, dass d'Grondhypothese vun der Etüd schonn attaquabel wieren, mä e Konzept auszeschaffen, wat esou robust a flexibel ass, dass et d'Erausforderunge vun der Zukunft ka packen.

Wann een d'Zukunft vum Land also wëllt analyséieren, dann ass et wichteg ze kucken a wat fir enger Situatioun, dass mer haut sinn. D'Gefill wat d'Leit hunn ass e Gefill vun Onzefriddenheet, dat sech haaptsächlech véhiculéiert iwwer Froen am Verkéier, am Transport. Ech wëll ganz kloer an daitlech soen, dass a mengen Aen déi Froe vum Verkéier a vum Transport, vum Stau, dee mer Dag fir Dag méi hei zu Lëtzebuerg a besonnesch an an ëm d'Peripherie vun der Stad Lëtzebuerg kennen, nëmmen d'Spëtz vum Aisbiere ass.

Et ass dee visibelen Deel, deen d'Konsequenz ass aus enger Entwécklung, déi d'Land déi lescht 30 Joer kritt huet a wou ënnert dem Waasser nach 5/6 vum Problem schlummere, déi an der politescher Diskussioun net ugepaakt sinn à ce stade, déi awer Grondvoraussetzung sinn, fir dass mer iwwerhaupt den ieweschten Deel vun deem Aisbiere, dee Sechstel, dee mer gesinn, ännere kënnen.

Wéi ass dann d'Situatioun vun haut a wat huet sech an deene leschten 30 Joer esou Grondleegendes zu Lëtzebuerg geännert, dass mer dat Gefill hunn, wat mer haut hunn?

Dat Éischt ass, dass mer hei zu Lëtzebuerg haut plus ou moins honnertausend Leit méi hu wéi virun 20, 25 Joer. Contrairement awer zu deem wat Verschiddener mengen ass Lëtzebuerg net eréischt an deene leschten zéng Joer oder an deene leschte fënnf Joer en Awanderungsland ginn, mä wa mer säit dem Krich eist Land kucken, esou stelle mer fest, dass mer mat enger Borne inférieure an enger Borne supérieure vu 5 an 10% op e Jorzéngt gekuckt an all Jorzéngt, säit dem Krich, 5 bis 10% méi Leit an eisem Land opgehoill hunn. Just dass mer eben an den 90er Joren op d'Borne supérieure gaange sinn, mat eppes knapps méi wéi 10% Bevölkeringzouwuess am Land, wann een dat iwwer zéng Joer kuckt.

D'Leit sinn an deene leschten 30 Joer aus de Stied erausgeplënnert. Wann ee weess, dass virun 30 Joer all drëtter Bierger hei zu Lëtzebuerg zu Esch an an der Stad gewunnt huet a wann ee weess, dass dat haut nach knapps iwwer 20% sinn, wann ee weess, dass déi ländlech Kantonen, wéi zum Beispill de Kappellener Kanton, an darselwechter Period hir Awunnerzuelen dobliéiert hunn, da gesäit een d'Problematik, déi sech doraus erginn huet, ganz kloer.

Mir bauen dann zu Lëtzebuerg, fir e gudden, effikassen öffentlechen Transport ze garantéieren, net